

# 23<sup>e</sup> concours d'essais pour un voyage d'études au Japon

L'ambassade du Japon au Luxembourg fait de nouveau appel aux jeunes luxembourgeois et européens en leur demandant de participer activement à son 23<sup>e</sup> concours d'essais. Depuis 1979, vingt-trois jeunes du Grand-Duché de Luxembourg se sont rendus au Japon grâce à ce concours. Quelques quatre-vingt personnes seront sélectionnées à l'échelle européenne dont une originaire du Luxembourg parmi les participants au concours 2001 et invitées au Japon par le ministère des Affaires étrangères du Japon.

## Programme d'études au Japon

Les invités participeront pendant deux semaines à diverses formes d'études (en langue anglaise) telles que séminaires sur les aspects

politiques, économiques et culturels du Japon et visites d'entreprises, d'organisations économiques ou commerciales, de syndicats, de sites industriels, etc. Ils seront également conviés à des présentations de l'art théâtral traditionnel et visiteront des villes en province. Un bref séjour dans une famille japonaise leur permettra aussi de faire connaissance avec le cadre familial japonais.

Les invités seront répartis en trois groupes visitant le Japon à différentes périodes, soit fin août, début ou fin septembre. Autant que possible, il sera tenu compte des préférences indiquées par les participants.

Le ministère des Affaires étrangères du Japon et l'ambassade du Japon au Luxembourg espèrent

que le plus grand nombre possible de jeunes européens désirant connaître le Japon et les Japonais participeront à ce concours.

## Conditions de participation

Les candidats doivent être de nationalité de l'un des pays de l'Union européenne, d'Islande, de Norvège, de Suisse, de Monaco, d'Andorre, de San Marino, de Malte, de Chypre ou du Liechtenstein et résider actuellement au Luxembourg ou dans l'un de ces pays pour les ressortissants luxembourgeois. Ils doivent être âgés de plus de 18 ans et de moins de 33 ans au 31 mars 2001. Aucun précédent lauréat ne saura être admis à la sélection. De plus, ils doivent avoir une excellente connaissance de la langue anglaise.

Les candidats écriront un essai en langue anglaise dont le thème sera soit: «The EU-Japan relations as they ought to be in the 21st century», soit «What Luxembourg and Japan should learn from each other».

L'essai ne dépassera pas 1.500 mots et sera précédé d'un résumé d'environ 200 mots. La date limite de réception de l'essai est le 31 mars 2001. Deux copies et l'original doivent être remis ou envoyés à l'ambassade du Japon.

Les intéressés sont priés de s'adresser pour l'inscription et l'obtention du règlement du concours d'essais à l'ambassade du Japon, 62, avenue de la Faïencerie, B.p. 92, L-2010 Luxembourg, téléphone 46 41 51-1.

## Brauchtum

# „Ronderëm de Matteisdag“

Am 24. Februar ist der traditionelle Festtag des hl. Matthias. Nach der Apostelgeschichte wurde Matthias zwischen der Himmelfahrt Christi und dem Pfingstereignis an die Stelle des Verräters Judas Iskariot zum zwölften Apostel berufen. Der Legende nach soll er zunächst in Judäa, dann den Heiden in Äthiopien das Evangelium gepredigt haben.

Über die Art seines Martyriums und über das Jahr seines Todes fehlen genaue und nachweisbare Angaben. Überliefert wird, dass Matthias in Äthiopien das Martyrium durch Enthauptung oder Steinigung erlitten habe. Dargestellt wird der Apostel Matthias mit Buch, Beil, Steinen und Schwert. Bauschreiner, Metzger, Schmiede, Schneider, Zimmerleute und Zuckerbäcker verehren in als ihren Zunftpatron.

Auf das Betreiben des Trierer Bischofs Agritius (gestorben um 332) sollen die Reliquien des hl. Matthias durch Kaiserin Helena nach Trier gekommen sein. Sie fanden später ihre Ruhestätte in der Trierer Benediktinerabtei St. Matthias, wo sie seit dem Mittelalter Ziel einer bedeutenden Wallfahrt wurden. Hinter den Chorschranken, vor dem Hauptaltar, ist der kunstvoll eingefaßte Marmorsarg des hl. Matthias aufgestellt. Matthias ist deshalb der besondere Patron der Stadt Trier.

André Toussaint

Vom Volk wurde „Matteis“ hienzuland als Schutzheiliger vor Krankheiten der Atmungsorgane, wie Husten, Bronchitis, Lungenentzündung und Tuberkulose angerufen. Dies war, laut Ed. de la Fontaine, vor allem der Fall in den Dörfern Altrier, Berg, Bivingen, Bruch (Buschdorf), Eischen, Finzig, Folkending, Fohren, Gosseldingen, Heffingen, Rölling (Mersch) und Rümbling (Asselborn) besonders. Alljährlich wird der „Matteisdag“ besonders in Heffingen als Lokalfest mit Pilgermesse und Bauernkirmes festlich begangen.

Nach alten Überlieferungen war am Matthiastag die Kälte gebrochen und so heißt eine der Wetterregeln im Hinblick auf das Marterbeil des Heiligen: „Zent Matteis mécht Äis oder brécht Äis“. Wenn die Sonne an diesem Tag schien, hieß es: „Taut es auf Matteis, geht kein Fuchs mehr übers Eis“. Nach einer Regel sollen Feldsamen an diesem Tag besonders gesegnet sein, und die Bäuerin sähte früher Krautsamen an.

Weil der Tag des hl. Matteis meist in die Fastenzeit fällt, sei abschließend auf einen netten einheimischen Kinderreim aus dem „Lëtzeburger Dictionar“ hingewiesen: „Den hellege Matteis, dee sot zu siwe Joër, déi wirklech faaschtenspeis, déi war nach ëmmer moër“.



## Cargolux soutient «Médécins sans frontières»

Comme les années précédentes Cargolux Airlines avait également décidé cette année de renoncer aux cadeaux de fin d'année et de faire un don d'une somme équivalente à une association. Au cours d'une petite réception Dr Ulrich Ogiermann, «senior vice president Sales & Marketing», remet le résultat de cette action, à savoir un chèque d'un montant de 250.000 F, à Yves Piron, directeur en communication & donations chez «Médécins sans frontières». Après de chaleureux remerciements, le représentant de MSF informa sur les projets en cours, notamment concernant l'aide en Inde.

Jds

eng **KLACK** fir eis Sprooch 68

## Charisma...

L.R. - Wien eis Sprooch nëmmen theoretisch, nëmmen technesch, nëmmen linguistesch, nëmmen als Kommunikationsmittel, nëmmen als literaturhistorisch Studiergebiet kuckt a gesäit, deem „schmaacht“ si och deemno: wéi **perfekt nogemaachte plastiks Uehst!** Fir deen ass eng Sprooch nëmmen eng Geschicht vum Lauter, vum Phem, Phonom, Lexem, vum Syntax, Onomasiologie, Semantik, Flexioun, Saperioden asw., oder am Geschriwwene just eng Saach vum Schrëft-Zeechen, deen ee gesäit, fir eppes, dat een héiert.

Hei muss een un d'Leit denken, déi **kee Genoss an engem gудde Maufel** hunn, déi am Fong iwwerhaapt net „iessen“, well si sech jo nëmmen egal wat an hire grommelege Mo stoppen ... denkt emol un dat komescht Gedéngels, wat d'Astronauten aus Tüben a plastiks Geschier drécken a schlécken, just fir hirem Verdauungsapparat eppes ze ginn, fir d'Zellen ze „hydratieren“, si ze fidderen an dem Kierper Vitaminen ze verschafen.

Déi Uluecht muss ee verstehen, an et soll ee se respektéieren. Mä mat dem Liewe vum enger Sprooch, mat dem Ennerscheid vum „langue/langage“ mat der verstänneger Entwécklung, mat dem Erhalen an dem Genoss vum deem kulturellen Identitéits-Element huet dat pur Linguistescht rosewéng ze sinn. Dat ass a bleift, bis op gutt an netzecht Dictionnaire-Schaffen (Lexicologie/-graphie), eng **stéibseg-dréche Labo's-Aarbecht**.

Wie bei eiser Sprooch nëmmen linguistesch denkt a reagiert, dee schlouft sech dolaanscht, dat si och nach aner Zwecker a Fonktioune kann hunn, wéi deer „mam Lineal gezunn“. Wie seng Eltere-Sprooch nëmme **kal-intellektuell** gesäit, dee wëllt natierlech net wouer hunn, dat si och nach aner Sätzen huet: historischer, gefüllsméisserger, Identitéits-wichtege! Mä dat ass doch hiermidder Schwärmererei, Purismus, an zugudderlescht Fanatismus, gellid.

Wat soll dann **dat Gedeesses vum IDENTITÉIT**? Ganz einfach: ouni Identitéit huet ee keen egent Gesicht. Ouni egent Gesicht huet een och kee Charisma: an ouni Charisma gëtt ee licht iwwerhaapt a vergëss, wann et drop ukënnt. Eis Sprooch an eis Sprooch-Situatioun gehéieren zu eiseim Charisma: denkt dat Grondelement dach emol ewech, da bleift net e sëllege vum eiseim lëtzebuergesche „Gesicht“ iwweg. Da si mir an deem Europa, dat eng Zort „Bulletin-Unioun“ kënnt ginn. An enger EU, wou zugudderlescht och Frankräich, Italien, Däitschland, Portugal, England a jidder Land a Volle sain intressant spezifescht Gesicht a Gewicht an engem sou genannte „melting pot“ gëng verléieren. E grujelge Gedanken! Et sief dann, dat ass engem egal ... vlächit well et engem ze gutt geet!

„Charisma a charismatesch“? Dat ass dach kee Lëtzebuergesch, gellid. Dat stëmmt, et ass e griecheschen Ausdruck, esou international wéi Honnerten, déi mir all Dag gebrauchen, ouni drun ze denken (Auto, Sympathie, Zinema, Tele, Photo, Zentrum, Phantasie, Element, Pneu ...). Am Däitsche gëtt „Charisma“ heiandsou mat „Ausstrahlung“ iwwersat, mä et huet vum allem mat deem ze sinn, wann d'meescht enner „Charakter“ versteet: **zollid, zergutt, éierlech, ouni „Bän a Flätschen“**. Kuckt emol déi schéi Modien a Bello's-Modellen am Moudegeschäft oder a blenkegen Zätschrëften ... déi all esou fad aussen wéi vum Zockerbäcker an d'Fenster gestallt, hey Barbie! Moie Charakter, moie Charisma! „Beliebig austauschbar“ gëng et op däitsch heessen. Wëlle mir dat sinn?

Eis Sprooch ass nun emol d'Haaptstéck vum lëtzebuergesche Charisma: dat kann net dacks genuch gesot an ennerstrach ginn. Si verléiert ower mat jidder Wuert e Stéck dovun, dat muttwéilles futti gemaach gëtt. Dat ass **keng Fro vum spezieller Geléiertheet**, mä fir jidderes vum sengem perséinliche ... Charisma!

## ACTIOUN LËTZEBUGESCH - EIS SPROOCH

Adressen: Breedewee, 21 L-1917 Lëtzebuerg  
Postkëscht 98 L-2010  
Telephon 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 89 / Postscheck: 6644-48  
Cotisation/Member: 500 Frang d'Joer

## STATEC: schumm dech!

P.W. - Dëst Joer, **den 10. Oktober, ginn et genee 60 Joer**, datt d'Nazi-Preisen hei am Land eng Vollekszielung, alias „PERSONENSTANDBAUFNAHME“, organiséiert haten. Den nationale Souvenir vum deem „Recensement“ ass de Grond vum der „Journée nationale de la Commémoration“, dem Nationalen Erënnerungsdag, dee mir nach haut héichoffiziell feiern. Firwat? Mä den 10. Oktober ass **den Ufank vum deier kollektiver Resistenz vum eiseim Vollek** géint dee bronngesche Horror-Regime, géint deem eng Partie Resistenzorganisationsen ewell zënter 1940 geschafft haten.

Trotzdem eisen Elteren a Grousselteren vum den Nazi-Gewaltverbrecher **mat Prision an Doud an Däi-wel gedreet** fir hie, hunn si couragéiert **drei Mol „LËTZEBUGESCH“** op den Ziedel geschriwwen, wou si no hirer Nationalitéit, hirer „Volkszugehörigkeit“ an hirer ... SPROOCH gefrot gi waren. Dat mat Numm an Ennerschéret drénner! Just doeruech war aus deer hannerleschter **Personenaufnahme**, fir äis an „d'Reich“ ze lackelen, e klore Referendum ginn: **eng oppe Wiel vum de Lëtzebuurger géint Nazi-Däitschland**, fir eist Land a fir eis Sprooch. Mir wësse wéi déi Grujel-Joere weidergaang sinn: **mat Dausend vum Doudgen, Verkréppelten a fir d'Liewe Gepéngelten!** No ronn drei Generationen, an enger Zäit, wou den Neonazismus seng frech Fratzen erëm weist, ass et ower normal, datt un d'Grësst an d'Existenz-Wichtigkeet vum deem Dag fir eis Heem-mech muss ernénnt ginn, well „dei vum duerno“ dat jo net direkt erleift hunn. Ouni déi individuell a kollektiv Resistenz vum eisen „Alen“, hieirem Courage, hieirem Leiden a Stierwen, ass et bal sécher, datt mir vun den Alliéierten nom Krich fir Stébecke vun der

Belsch, Frankräich an Däitschland zerrappt an opgedelt gi wieren ... jo an? Dat kann nëmmen ee soen, deen et ni néideg hat, nozedenken!

Datt och just eis Sprooch den 10. Oktober 1941 esou eng deckt énnertsträchen; et ass iwirgens eng vun den Ursachen, weinst deenen si 1984 als „National-sprooch“ an d'Gesetz komm ass; et ass och de Fong vun deem Verfassungartikel, deen eis Chamber um Programm huet, an zwar géint keng aner Sprooch, mä fir **d'Lëtzebuergesch als historesch beweisbart Identitéits-ement vum eiseim Staat!** Net méi, ower och net mamer!

Mir hunn näisch géint all déi Sproochen, déi vun eisen auslännesche Matbiieger geschwat ginn, a scho guer a glat näisch géint déi um STATEC-Formulaire, ower et deet äis Lied. **Mir protestéieren mat Recht a Vehemenz**, zesumme mat eisem Membren a Frénn, datt eng Administratioun vum eiseim Staat et **esouguer emol net symbolesch dowärt fonnt** huet, eiser gesetzlech nationaler Sprooch och nëmmen eng Alibi-Plaz um Formulaire fir d'Vollekszielung ze ginn ... ausgerechent bei deser Geleehetheit, déi esou däitlech un den 10. Oktober 1941 ernénnt! Mir wëssen, datt elo e Sak voll Ursache kommen ... fir gebraucht ze ginn. Dat ass net an der Rei ... et gëtt vum villen esouguer als eng Gemengehet gekuck!

P.S. *Desen Artikel ass zwar direkt fir hier geplangt gewiesch, ower et ass och eng (ganz gedam!) Reaktioun op déi kéipweis an nach laang net „bong“ Bréiwen, Faxen, „Emillen“ an Telephonnen, déi mir aus allen Ecken vum Land iwwer déi aremséleg Trauer-geschicht kritt hunn.*

## Memorial de la Déportation

Hosi. - Zu Hollerech, op deer aler Gare, hunn eis Zwangsrekrutiert an d'Resistenz just do eng wonscheréin Erënnerungs-Plaz an e Gebai agericht, vum wou aus d'Nazien Dausende vum Lëtzebuurger fir an d'Déportatioun grad ewéi an déi verhaasste „Wehrmacht“ verschleift hunn: onschëlleg Lëtzebuurger, déi soss näisch verbrach haten, wéi hir Fräiheet an de Fridde gä ze hunn!

Et ass net nëmmen „interessant“; dat ass leider vlächit den Ausdruck fir een, deen nëmme e „coole Virwëtz“ fir eis Geschicht huet ... wimm seng Geschicht?

Jidder éierbarem Lëtzebuurger ass ze roden, sech mat de Kanner a Kandskanner déi permanent Ausstellung vum Dokumentatioun ukucken ze goen; si ass formidabel gemaach, wann een dat hei esou einfach soe kann ... si dreift engem d'Schudderer de Réck eroff! An der Lescht ass och nach e Konferenzsaal bäikomm, an deem e vertoutent Diamfil deem ongeheiere Misär vum eise juddesche Matbiieger vum deemools illustriert. Grujeleg ... mä eng Warnung fir all Zäiten!

Mat all eiseim Respekt a Merci offréiert d'Actioun-Lëtzebuergesch hir éierlech Hellef, fir eis enzeg Kritik aus dem Wee ze raumen: Kommt, mir maachen den Text vum der Plack um Monument an deen um Gebai och nach an deer Sprooch dobäi, fir déi eist Land a seng Leit 1941 esou wonnerbar riichtgestan hunn.

*fir eis Membren  
G'versammlung  
-samschdes, 21 Abrëll  
-15.00 Auer  
-Brasserie A. Mousel  
-haalt iech den 9. Oktober  
fir eis 30. Joer-Feier  
(Conservatoire) fräi!*

## NOTIZBLOCK

- Bettage in der Kathedrale. Morgen Sonntag, den 25. Februar, um 16 Uhr: lateinische Vesper, anschließend Betstunde. Um 18 Uhr: Abendmesse. Am Montag, dem 26. Februar, um 16 Uhr: Marienvesper, anschließend Betstunde. Um 18.15 Uhr: Abendmesse. Am Dienstag, dem 27. Februar, um 16 Uhr: eucharistische Vesper, anschließend Betstunde, um 18.15 Uhr: Pontifikalamt zum Abschluss der Bettage. Aschermittwoch, dem 28. Februar, um 9.15 Uhr: Hochamt mit Auflegung der Asche, im Anschluss um 18.15 Uhr: Pontifikalamt mit Segnung und Auflegung der Asche.

- D'Ligue vum de Lëtzebuurger politesche Prisonnéier an Deportierten. D'Assemblée générale ordinaire ass e Samschdeg, den 3. März, um 14.30 Auer, am Restaurant „Au Quai de la Gare“, 13, place de la Gare, L-1616 Lëtzebuerg. Um „ordre du jour“ stinn e.a. d'Propositionen fir de 56. Nationalkongress, dee sonndes, den 8. Abrëll, zu Bieles ass an deelweis Neiwiell vum Comité.

- Hespringen. - „Eintracht im Thale“. Die Generalversammlung des Männerchors „Eintracht im Thale“ findet am 6. März um 20 Uhr in der „Buvette“ des „Centre civique“ in Hespringen statt.

- Luerezenweiler. - Faaschenten-essen. De Parrot vum Blaaschten-Luerezenweiler invitéiert Aschermittwoch no der Mass vun 18.30 Auer zu Luerezenweiler op e Faaschtenessen an de Foyer St-Laurent bei der Kierch. Zervéiert gëtt eng Zopp zum Präis vun 300 F. Den Erléis vun deser Aktioun ass fir d'Aerdbienenaffere an Indien. Jiddereren ass hieerlech wëllkomm.

- Mersch. - Rotes Kreuz. Die Sprechstunde der Säuglingsfürsorge findet am Dienstag, dem 27. Februar, in der neuen Primärschule Albert Elsen in Mersch. Eingang zur Seite des Schlosses, von 15 bis 16 Uhr statt. Gleichzeitig wird eine Schluckimpfung gegen Kinderlähmung verabreicht.

- Strassen. - Concert Robert Stolz. Les „Amis de l'Autriche“ invitent au concert Robert Stolz, qui aura lieu le dimanche 11 mars à 16.30 heures au centre culturel à Strassen. Sur le programme figurent: „Gruß aus Wien“, „Fünf-Uhr-Tee“, „Frühjahrsparade“, „Six mélodies pour soprano et orchestre“ et „Olympia Marsch“. L'entrée est gratuite.

## ACFL

- Reise 2001 vom 25. Mai bis 1. Juni 2001 nach Spanien. Reise für ACFL-Mitglieder und deren Freunde und Bekannte mit unter anderem diesen Stationen: Madrid, Toledo, Segovia, San Lorenzo de El Escorial, Avila, Salamanca ... Unterkunft im Hotel Convecion, welches sich im Herzen von Madrid befindet, und zehn Gehminuten vom Parc de Retiro sowie 20 Minuten vom bekannten Prado Museum entfernt ist. Preis pro Person: Doppelzimmer mit Bad oder Dusche/WC: 42.500 F, Einzelzimmer mit Bad oder Dusche/WC: 53.000 F (es sind nur sechs Einzelzimmer reser-

viert). Im Preis inbegriffen: Transfer ab Luxembourg-Bahnhof zum Flughafen und zurück, Flug mit Luxair Luxembourg-Madrid-Luxembourg in der Economy-Klasse, sieben Übernachtungen im 4-Sterne-Hotels (inkl. Halbpension), sechs Mittagessen, Ausflüge und Besichtigung laut Programm mit deutschsprachigem Reiseleiter, Reisebus vor Ort für die Ausflüge, und Reiseversicherung. Maximale Teilnehmerzahl: 25 Personen. Getränke sind nicht im Preis inbegriffen. Interessenten mögen für weitere Informationen bei der ACFL anrufen (Tel. 44 743-345).

## Amiperas

Merl-Belair. - D'Membren an d'Sympathisante vum Amiperas-Sektioon Merl-Belair sinn alleguer agelueden op e Ciné-Senior-Nomëtteg, en Donneschdeg, den 1. März. Rendez-vous ass um 14 Auer vum Lokal, 42, rue Schrobbilgen. Um Programm: Heidelberger Romanze. - E Méindeg, 5. März, gëtt e klengen Tour op Rémeleng mam Bus organisiert. Rendez-vous ass vum Lokal um 11 Auer. Et soll ee sech umellen um Tel. 44 66 91 bis den 28. Februar.

## Vuxseniour

Eise Comité an d'Redaktioun: Claude Bach, Gisèle Dupong, René Faber, Johnny Flick, Jeanny Friederich, Jang Hansen, Lex Roth, Roby Zenner, Pol Wilmes a Honoré Simon  
Nächst Klack (69): 31. 3. 2001

## Gaston Mathey t

R.Z. - Mir sinn haut an hei engem feinen, intelligenten a fläisseg Mann e Merci op säi Graf zu Sampont bei Arel schëlleg. De Gaston Mathey ass, mat 67 Joer, eng Kränkt net meescher ginn, déi dacks esou „hannerwands“ an der Doudesannonce émschriwwwe gëtt. De Frënd Gast hat e seele geruete Charakter a war e Schoulmeester mat engem pedagogeschen Talent, dat wäit iwwer säi Beruf eraus gaang ass.

Hie war vum Ufank un an treie Member vum eiser Actioun-Lëtzebuergesch, an huet iwwer äis de Courage kritt, „ARELER LAND A SPROOCH“ ze grënnen. Zugudderlescht sinn seng perséinlech Verdéngschter an déi vum sengem aerdege Veräin och „en haut lieu“ zu Bréissel unerkannt ginn: dat Stéck Lëtzebuurger Kultur an deem Eck vum der Belsch net futti goen ze lossen, wou 1839 nëmmen no de Bëscher a Stecker vun e puer „Krautjunkere“ gerappt ginn ass! De „Mathey's Gast“ war kee Revolvizzer a wollt historesch Tatsachen net op d'Kopp dréinen, mä kulturell Elementer ower net ermälze lossen ... säi Recht an och dat zu seng Frënn! Hie war hofreug op seng lëtzebuergesch Sprooch-Couren, déi hie mat eiser Stäip „doiwew“ agericht huet ... fir vill Leit haut iwirgens och eng Hellef, fir eng nei berufflech Existenz am „Grand-Duché“ fannen ze kënnen.

Mir soen senger léiwier Famill an de Frënn vun „Areler Land a Sprooch“ eist éierlech Matgefäll. Mir sinn iwwerzeugt, datt si, mam Versteedemech an am Sënn vum hirem Grënner, den 21. Abrëll de 25. Gebuertsdag vum hirem Veräin feieren, fir deen Arel an d'Émgegend dem Gast esou vill schëlleg ass!

## eist neit Lidderbuch

AL. - Et sinn ewell dacks a vill Lidderbicher erauskomm, wou mir d'Texter vum bekannte Weisen dra fonnt hunn, déi Bicher haten ower **d'meescht iergend eppes, dat zevill oder net genuch** war: entweder si sinn ze **deier**, et sinn der net genuch gedréckt ginn, an si waren dofir ze **seier vergraff**; si sinn nëmme fir bestëmmte Gruppe vu Leit; d'Format ass ze grouss fir s'an d'Tasch ze steechen; si sinn entweder **schlecht oder falsch gesat**; et si keng „chiffriert“ Akkorde fir Piano, Gittar oder Harmonika bei den Nouten; si bliewen net op fir op en Noutgestallt asv. asw.

Deem hu mir mat eiseim Lidderbuch probéiert opzehëlfen. **Et heesch** „EISER LIDDER“, net EIS Lidder, well dat wieren se alleguer, an et gif en Drullus vum 300 Sätzen. Mir hunn dobäi **de** geleefegst Sang-Geleehethee geduecht, wou Leit zesummekommen a gär „eent schmutteren“, sief et an **enger Wirtschaft mat engem Pianist**, mat enger **Gesellschaft um Tréppeltour oder an engem Bus**, op enger **Familjefeier**, engem Pensiuons-essen, engem **Conveniat**, oder soss enzouw, wou et geselleg a leschtgeet soll sinn. Hamdrennan ass eng kamoud Arichtung, fir déi Liddercher dran ze pechen, déi méi „extra“ sinn; et ass **zollid gebutt** a mat gewiewegem plastifiziertem Deckel gebonn.

Mir wollten a konnten de Präis esou niddreg wéi méiglech halen, fir datt elo kee méi ka soen, dat kënnt hie sech ower net leeschten. Mir halen eist Versprechen, d'Buch net méi deier ze verkafte wéi „eng Spaghetti“ an engem éierbare Restaurant: 360 Frang! **Eis Membren kriegen et natierlech gratis geschéck**, an zwar mat hirer Invitiatioun fir d'Generalversammlung vum der A.L. Wien et soss wéi bestellen, deem mussen mir natierlech de Porto (net dee fëssegen) dobäi rechnen; et läit och esou séier wéi méiglech **an de Bicherbutteker**. Fir sou genannt „Sammelbestellunge“ gëtt et an Extra-Präis, an dat mécht een an beschten iwwer eng eisen „elektronesch“ Adressen, déi Dir hei an der KLACK fannt. Fir uganks Abrëll ass d'Lidderbuch do!